piraten.lu

N°4622
Entrée le 17.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.08.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Säit dem 14. August 2026 brennt et am Héije Venn op der belscher an däitscher Säit, mat enger Dampwollek déi och iwwer Lëtzebuerg zitt. De Sonndeg, de 16. August 2026, koum ëm 14.42 Auer eng LU-Alert, déi just virun engem méigleche schlechte Geroch gewarnt huet ("Odeur désagréable/Possibilité d'une mauvaise odeur"). Réischt ëm 19.47 Auer, also bal fënnef Stonne méi spéit, koum d'Empfeelung, d'Fënsteren zouzemaachen. Datt d'Wandrichtung d'Dampwollek iwwer Lëtzebuerg féiere kéint an domat d'Loftqualitéit géif negativ beaflossen, war awer scho virdru virauszegesinn. Zudeem ass réischt kuerz no 19.30 Auer vun offizieller Säit e Schreiwes un d'Press erausgaang.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini a wéi huet d'Regierung Kenntnis dovu kritt, datt d'Dampwollek vun de Bränn am Héije Venn och iwwer Lëtzebuerg géif oder kéint zéien?
2. Firwat gouf am éischten LU-Alert vum 14.42 Auer just vun engem méigleche schlechte Geroch geschwat, an net direkt op eng méiglech Verschlechterung vun der Loftqualitéit higewisen?
3. Firwat gouf net scho fréizäiteg, respektiv um Moie vum 16. August, eng preventiv Warnung erausginn?
4. Wéi erkläert d'Regierung déi Zäitspan vu ronn fënnef Stonne bis zur zweeter Warnung mat der konkreter Empfeelung, d'Fënsteren zouzemaachen?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés